N° 7736
Entrée le 18.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7736 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Am Zesummenhang mam Datenschutz wëll ech fir d'éischt op eng legal Dispositiounen hiweisen, déi sech net am Dateschutzgesetz vun 2018, mee am Gesetz vum 18. Mäerz 2013 (loi modifiée du 18 mars 2013 relative aux traitements des données concernant les élèves) fënnt.

Laut Artikel 3, Paragraph 1, vun deem Gesetz ass d'Erhiewe vun Daten zu Studienzwecker duerchaus erlaabt, muss awer konform sinn zu den Dispositiounen vum Artikel 8, deen ënnert anerem präziséiert:

*« Le traitement ou la communication à des tiers, à l'aide de procédés informatisés ou non, de données concernant les élèves à des fins d'analyses et de recherches statistiques ne peut se faire que moyennant des données dépersonnalisées* ***afin que celles-ci ne permettent pas l'identification des personnes auxquelles elles s'appliquent****. »*

An engem klenge Land wéi Lëtzebuerg besteet genau déi Gefor: nämlech datt d'Veröffentlechung vun der Zuel vu Schoulverweiser pro Lycée géif dozou féieren, datt eenzel Schüler kéinten identifizéiert ginn.

Den Intérêt supérieur vum Kand, d'Recht op de Schutz vum Privatliewen grad ewéi de besonnesche Schutz deen de Mannerjäregen laut Jugendschutzgesetz zousteht, plädéieren also dofir, d'Zuel vun de Verweiser pro Lycée net ze veröffentlechen.

**Ad 2) an 3)**

De folgenden Tableau weist d'Zuel vun de Schoulverweiser pro Joer säit dem Schouljoer 2012/2013; aus den uewe genannte Grënn handelt et sech ëm d'Gesamtzuel vun de Schoulverweiser, an net ëm d'Zuele pro Lycée. Fir déi dräi éischt Schouljoere vun dëser Period konnte 4 Schoule keng Angabe méi maachen; et ass also unzehuelen, datt d'Zuelen (*) fir déi dräi Joeren a Wierklechkeet méi héich leien.

Et sief och nach präziséiert, datt am selwechten Zäitraum d'Schülerzuel am Enseignement secondaire vu 36.687 op 41.860 geklomm ass.

| Schouljoer | Zuel vu Schoulverweiser |
|---|---|
| 2012/2013 | 106* |
| 2013/2014 | 92* |
| 2014/2015 | 130* |
| 2015/2016 | 127 |
| 2016/2017 | 126 |
| 2017/2018 | 157 |

| | |
|---|---|
| 2018/2019 | 172 |
| 2019/2020 | 112 |
| 2020/2021 | 161 |
| 2021/2022 | 209 |

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH